N°3761
Entrée le 10.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3761 vum 12. Mäerz 2026 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Entsprécht et der offizieller Sproochepolitik vun der Lëtzebuerger Regierung, dass Terminconvocatiounen a Reklammen am Gesondheetswiesen just op Franséisch, Däitsch, Englesch (keng Verwaltungssprooch) a Portugisesch (keng Verwaltungssprooch), awer net an der Landessprooch verfaasst ginn?*

*2. Geet d'Regierung dervun aus, datt eng lëtzebuergesch Versioun vun Terminconvocatiounen a Reklammen net néideg ass fir de Lëtzebuerger Mammesproochler? Wa jo, aus wéi enge Quelle speist sech dës Vermuddung vun der Regierung?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet versicht bei senge Preventiounsmoossname souwéi och bei den Terminconvocatiounen déi Sproochen ze benotzen, déi vun engem méiglechst grousse Prozentsaz vun der Bevëlkerung verstane ginn.

Mam Ofdecke vun den uewe genannte Sprooche gëtt dovun ausgaangen dass e groussen Undeel u Persounen (dorënner och lëtzebuergeschsproocheg Persounen, awer och Persounen déi d'lëtzebuergesch Sprooch net beherrschen) d'Kommunikatioun versteet.

Et ass dobäi ze betounen dass och op Lëtzebuergesch kommunizéiert gëtt, notamment am Kader vun de soziale Medien.

Des Weidere baséiert dës Approche op pragmateschen an operationelle Consideratiounen, déi drop ofzielen, eng effikass a séier Kommunikatioun am Interessi vun der ëffentlecher Gesondheet ze garantéieren.

Eng limitéiert Zuel u Sproocheversioune mécht et méiglech, d'Dokumenter méi séier zur Verfügung ze stellen an d'Informatioune kloer a verständlech un déi concernéiert Persounen ze vermëttelen.

*3. Plangt d'Regierung Moossnamen, fir sécherzestellen, datt an Zukunft all Terminconvocatioun a Reklamm am Gesondheetswiesen och op Lëtzebuergesch verfaasst gëtt?*

D'Prioritéit vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass, e méiglechst héije Versteesdemech vun de wichtegen Informatiounen an der Bevëlkerung ze erreechen a wäert an deem Sënn d'Sproochepolitik ëmmer weider upassen.

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez